



Schoulbuet

2023 - 2024

lelele



GEMENG
BECH+

GEMENG
manternach 

Sommaire

Mega!

Virwuert

01 - 09

Ah...! Gutt ze wëssen!

10 - 37

De Bus ass do!

38 - 43

Cheese!

44 - 67

**2023
-
2024**

D'Pinnwand

68 - 80

Cool!

Virwuert

Léif Schoulkanner,
léif Eltere vun de Kanner,
léif Personal aus der Schoul an der Maison Relais,
léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Synecosport,
léif Biergerinnen a Bierger aus de Gemenge Manternach a Bech,

Ech si frou dass d'Kanner endlech erëm e ganz Schouljoer mat enger gewässer Normalitéit konnten hannert sech bréngen. Si konnten nees an d'Schoulvakanzen an op hir Ausflich goen, an och de Schoulbetrieb konnt dat ganz Joer iwuer normal viru lafen. Dat ass immens wichtig fir hir Zukunft an ech wënschen hinnen, dass et esou weider geet.

Mir hunn als Synecosport och an dësem Schouljoer vill fir de Kanner hiert Wuelbefannen um Schoulsite maache kënnen. Den Airtramp ass reegelméisseg am Asaz a bereet de Kanner immens vill Freed. De Projet vum Schoulgaart kënnt nu laange Waardezäiten endlech un d'Lafen. Heiru wäerten d'Kanner zesumme mam Léierpersonal nach vill Spaass hunn a vill léieren. Weiderhin hu mir e Basketskuerf installéiert a weider Spiller fir d'Kanner um Site installéiert. **An Zukunft wäerten nach aner Investissementer am Sënn vun de Kanner dobäi kommen:** am Summer komme fir d'Cyklen 2-4 nei Schoulbänken a Still an den Asaz an och den Ausbau vun der Maison Relais gëtt weiderhi preparéiert. De Projet ass ab 2024 oder 2025 virgesinn. Duerno soll dann d'Gebai vun de Cyclen 2-4 renovéiert a sécherheetstechnesch konform gesat ginn. Och am informatésche Beräich wëlle mir als Schoulsyndikat weiderhin e Virreider sinn a profitéieren do natierlech vun den innovativen Iddie vum Léierpersonal ronderëm de Christian Weis. Dir gesitt, et ass nach vill ze schaffen an och wa verschide Projekte sécherlech nach eng Zäitche brauchen, **wäert de Synecosport och an Zukunft net spueren, wann et ëm d'Zukunft vun de Kanner geet.**




Jempi HOFFMANN

President Synecosport
Buergermeeschter Gemeng Manternach

E grouse Merci an deem Zesammenhang un dat ganz Léierpersonal mam Gilles Irthum un der Spëtzt.

Si leeschten eng immens Aarbecht fir eis Kanner a suerge mat ville neien an innovativen Iddien ëmmer rëm fir eng flott Ofwiesslung am Alldag vun de Kanner. **Dem Gilles soen ech perséinlech e grouse Merci fir seng Disponibilitéit a säin enormen Asaz fir eis Schoul.** Dat ass net selbstverständlech. **Merci soen ech och dem Jeanne Feltes an der ganzer Equipe vun der Maison Relais an der Crèche.** Och si leeschten eng ganz wichtig Aarbecht fir eis Kanner a mir si frou, sou gutt mat hinnen zesummen ze schaffen.

Ech soe meng Kollegen aus dem Bureau an dem Comité vum Synecosport Merci fir déi gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht an de leschte sechs Joer. Ganz besonnesch dem Camille Kohn, deen ab dem Summer a seng politesch Pensioun geet. Hie war insgesamt 12 Joer am Bureau vum Syndikat an huet



immens vill zu der Weiderentwécklung vum Schoulsite bägedroen. Notamment de Bau vum neie Schoulgebai fällt an dës Zäit. Merci Camille. **Ech freeë mech awer och op d'Zesummenaarbecht mam neie Bureau a Comité, deen sech dës Summer wäert zesumme setzen. Ech sinn iwuerzeugt, dass mir an Zukunft weider konstruktiv am Sënn vun der Saach matenee schaffen.**

Häerzlech wëllkomm heeschen ech all déi nei Memberen am Synecosport, besonnesch d'Jill Goeres als nei Buergermeeschtesch vun der Gemeng Bech.

Ech soen der Direktioun 10 mam Direkter Joa Baum Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Merci och den Elterevertreieder, mat deene mir ganz gutt an enk zesumme schaffen an och der ELVERE, déi vill Aarbecht am Interêt vun de Kanner leescht, vill nei Initiative mat abrängt an e wichtige Bestanddeel vun eisem Schoulsite ass. An Zukunft wäerte mir versichen, si nach méi an d'Aarbecht vum Synecosport anzebannen.

Ech wëll och dem Martine, dem Pit, dem Steve an dem Jérôme Merci soen. Eist Personal leescht am Alldag e wichtige Beitrag zum Fonctionnement vum Schoulsite an domat och vun der Schoul selwer. Merci fir hiren Asaz an hir Disponibilitéit.

Ech wënschen lech vill Spaass beim Liesen an Duerchkucke vum Schoulbuet. De Kanner wënschen ech e schéint an erfollegräicht Schouljoer 2023 – 2024.

**Chers Élèves,
chers Parents d'élèves,
chers Membres du personnel de l'école et de la Maison Relais,
chers Collègues du Synecosport,
chères Concitoyennes et chers Concitoyens des communes de Manternach et Bech,**

Je suis heureux que nos enfants aient enfin pu connaître une année scolaire empreinte d'une certaine normalité, avec des départs en vacances, des excursions et des activités scolaires comme avant. C'est en effet extrêmement important pour leur avenir et je souhaite vraiment que cela continue ainsi.

Cette année encore, le Synecosport a pu organiser de nombreuses activités contribuant au bien-être des enfants dans l'enceinte de l'école. L'Airtramp est utilisé régulièrement, à la plus grande joie des enfants. Après s'être fait attendre pendant longtemps, le projet du jardin scolaire a enfin démarré. Il permettra aux enfants et au personnel enseignant d'en encore connaître de bons moments d'apprentissage ensemble. Nous avons d'ailleurs encore fait installer un panier de basket et d'autres jeux sur le site, et **d'autres investissements sont prévus :** pendant l'été, de nouveaux pupitres modernes seront installés pour les cycles 2-4 et nous poursuivrons les travaux d'aménagement et d'agrandissement de la Maison Relais. Il est prévu que ces travaux débutent courant 2024 ou 2025. Ensuite, il est prévu de procéder à la rénovation et à la mise en conformité du bâtiment abritant les cycles 2-4. Dans le domaine de l'informatique aussi, le syndicat scolaire souhaite rester à la pointe du progrès en profitant des idées innovantes du personnel enseignant, sous l'égide de Christian Weis. Comme vous le voyez, nous avons du pain sur la planche. **Certains projets demanderont encore un peu de patience, mais quand il s'agit de l'avenir de nos enfants, le Synecosport est loin de se croiser les bras.**

J'en profite d'ailleurs pour adresser mes plus vifs remerciements à tout le personnel enseignant et en particulier à Gilles Irthum.

Ils ne lésinent pas sur les efforts pour assurer le bien-être de nos enfants, et grâce à leurs nombreuses initiatives innovantes, ils rendent le quotidien de nos enfants d'autant plus passionnant. **Je tiens à remercier personnellement Gilles pour sa disponibilité et son engagement hors du commun pour notre école. Je remercie aussi Jeanne Feltes et son équipe de la Maison Relais et de la Crèche.** Eux aussi accomplissent un travail extrêmement important pour nos enfants, et c'est un réel plaisir de pouvoir collaborer avec une telle équipe.

Je remercie encore mes collègues du Bureau et du Comité du Synecosport pour l'excellent travail accompli au cours des six dernières années, et en particulier Camille Kohn, qui prendra sa retraite en politique cet été. Il a siégé au Bureau du Syndicat pendant 12 ans et il a énormément contribué au développement de l'école, et notamment à la construction du nouveau bâtiment scolaire. Merci Camille. **Je me réjouis également de pouvoir dorénavant collaborer avec le nouveau Bureau et le nouveau Comité, qui siègeront à partir de cet été. Je suis convaincu que notre collaboration sera constructive.**

Je souhaite une chaleureuse bienvenue à l'ensemble des nouveaux membres du Synecosport, et tout particulièrement à Jill Goeres, la nouvelle bourgmestre de Bech.

Si vous avez des questions, des critiques ou des suggestions, n'hésitez pas à me contacter : jean-pierre.hoffmann@manternach.lu

J'adresse aussi mes remerciements à la Direction 10 et à son Directeur, Joa Baum, pour son soutien. Merci aussi aux délégués des parents, avec qui nous avons pu collaborer étroitement, et à l'ELVERE, qui réalise de nombreuses choses dans l'intérêt de nos enfants, propose de nombreuses initiatives intéressantes et contribue activement au développement de notre école. À l'avenir, nous nous efforcerons de l'impliquer encore plus activement dans les activités du Synecosport.

Je voudrais encore remercier Martine, Pit, Steve et Jérôme. Notre personnel effectue en effet un travail considérable tous les jours et contribue ainsi au bon fonctionnement du site scolaire, et donc de l'école. Merci pour leurs efforts et leur disponibilité.

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture de ce bulletin scolaire, et je souhaite une excellente année scolaire 2023 – 2024 à tous les enfants !



Léif Elteren,
léif Leit,
léif Kanner,

Réckbléckend kënne mir alleguerten op en erfollegräicht, flott spannend an ustrengend Schouljoer 2022 – 2023 kucken, wou mir mol nees zesummen vill schéi Momenter konnten erliewen.

De 5. Mee hu mir an engem Nomëtteg, eise neie Parking, eis Spillplaz, den Airtramp an och déi nei amenagéiert Sportshal kënnen offiziell a Betrib huelen. Eis Kanner hunn op deene verschiddene Plazen eng Rei Presentatiounen gewisen, Gedichter, Sketcher, Lidder, Choreographien, Dänz, ... et war richtig flott a jiddereen hat **d'Gefill dass mir eng grouss Schoulgemeinschaft sinn a nach ëmmer fonctionéieren wéi eng grouss Famill.**

Et ass allerdéngs elo sou, dass eis Kannerzuelen staark klammen, 337 Kanner wäerten elo bei der Rentrée an eis Schoul kommen, dat sinn der genee dräimol souwill wéi virun zwanzeg Joer.

Ech denken, hei besteet dee gréissten Defi, dass mir zesumme solle probéieren engersäits den heemlechen, familiären Charakter vun eiser Schoul bäizebehalen an anersäits eis mussen opstellen dass mir an de kommende Joren ëmmer mat Effektiviten vu 40 Kanner pro Joergank eens solle ginn. Mir wäerten zum Deel mussen ëmdenken, leider nach méi reglementéieren an strukturéieren an awer och professionell a fundéiert Schoulorganisatiounen op d'Bee stelle sollen, déi virun allem d'Wuel vum Kand op senger Plaz fir ze léieren an der Schoul an de Vierdergrond stellen. **Hei musse mir mat alle Schoulpartner (Maison Relais, Schoulsyndikat,**



Gilles IRTHUM

President vum Schoulkomitee

Eltervertriedungen) ganz ouni Virbehalter de Bien - être vum Kand op déi éischt Plaz stellen an eréischt duerno op d'Doleancen vun den eenzele Partner sollen a kënnen agoen.

Och dës Joer si mir beim Opstelle vun der Schoulorganisatioun ageschränkt duerch eis Contingentsstonnen, sou sinn eis **Klasseneffektiver am Cycle 1 zimmlech héich, eis Aarbecht an den Teamer vun den Cyclen 2–4 këntt och u seng Limitte mat iwwer 40 Kanner pro Team.** Mir hu wéi ëmmer déi disponibel Stonne sou gerecht wéi méiglech opgedeelt, mee ech appelléieren trotzdeem nach eemol hei op der Plaz un déi national Politik de System vum Contingent ze iwwerdenken an de lokale Gegebenheeten a Besoinen méi Rechnung ze droen.

Mir konnten an de leschte Méint eng ganz Rei Aktiounen vun eisem Schoulentwécklungsplang (PDS) duerchféieren, sou ass de FUDO (Fuerschen dobaussen) Projet an alle Cycle mat ganz konkreten Aktivitéiten an Aktiounen ëmgemat an ausgebaut ginn.

Eise Schoulgaart ass, dank engem ganz engagéierten Aarbechtsgrupp, zum Deel operationell a mir konnte schonn eis Hochbeeter fëllen an uplanzen. Am Hierscht wäerten d'Buedembeeter an de Schapp fäerdeggestallt ginn a weider Hecken a Beem ugeplanzt ginn, sou dass mir uschléissend mat alle Kanner aus alle Cycle vun dësem pedagogesch wäertvolle Projet kënne profitéieren.

E Grupp aus dem 4.1 huet eng éischte Kéier bei der "First Lego League" matgemaach, engem Programméierconcours mat Robotoren, a si hunn déi sensationell véiert Plaz kënnen erreechen. Duerfir e grousst Kompliment un eis jonk Informatiker an awer och un de Christian Weis fir säin onermiddlechen Asaz an dësem Beräich.

Den drëtten Objektiv vun der Schoulentwécklung viséiert **e méi intensiven Austausch tëschent de Cyclen**, hei hu mir ugefaangen mat enger Formatioun iwwert d'Inhalter a maachen dat kommend Schouljoer weider mat de Methoden.

Insgesamt fënnef Klassen aus eiser Schoul hunn et an déi national Final vum Mathematikconcours "Maach mat(h)" gepackt, de Kanner mat hiren Enseignanten wëll ech heimat e grousst Kompliment ausschwätzen.

Mir si wéi gewinnt während dem ganze Schouljoer intensiv mat an d'Decisiounen vum Synecosport agebonne ginn, déi Responsabel haten ëmmer en oppent Ouer fir all d'Doleance vun der Schoul, wéi zum Beispill d'Erneierung vu sämtleche Schoulbänken an de Cyclen 3 a 4.



Ech wëll hinnen duerfir hei **Merci soen, e besonnesche Merci** geet un de **President, den Här Jempi Hoffmann** fir seng vill a gutt Aarbecht am Sënn vun eiser Schoul an eise Kanner. Ech wëll awer och all **d'Memberen vum Bureau a vum Comité vum Synecosport** fir hiren Asaz luewen während de vergaangene sechs Joer a ganz besonnesch och den Här **Camille Kohn**, deen déi éischt dräi Joer de Synecosport mat vill Wäitsicht a Versteesdemech fir d'Schoul geleet huet.

Mir freeën eis elo awer och schonn op eng konstruktiv a gutt Zesummenaarbecht mat dem neie Bureau a Komitee vum Schoulsyndikat ab dëser Rentrée.

E weidere Merci geet un d'**Mme Janine Feltes, d'Chargée de Direction** vun der **Maison Relais** an un dat ganzt **Personal vun eiser Betreuungsstruktur**, mir hunn an de vergaangene Méint ganz intensiv matenee kooperéiert. **Merci och eise sechs neien Elterevertrieder** fir hir vill a gutt Matarbecht bei alle Projeten an **der ELVERE**, déi niewent hiren traditionellen Aktivitéiten eng ganz Rei nei Projeten realiséiert huet.

E leschte Merci wëll ech am Numm vum ganze **Léierpersonal un d'Ekipp** vun eiser **Schouldirektioun** riichten, si hunn och nees während dem gesamte Schouljoer eng ganz **professionell Aarbecht** geleescht.

Ofschléissend wëll ech lech, léif Elteren, drop hiweisen, dass Dir lech wgl. bei Froen oder Ureegungen fir d'éischt un d'Ekipp **Pedagogique** vun Ärem Kand sollt wenden, dann un d'**Koordinatioun vum Cycle** oder un de **Schoukkomitee** mat sengem **President**. Mir hunn ëmmer en oppent Ouer fir Är Uleies, si forméiert fir professionell Elterenaarbecht a stinn lech gären an ëmmer fir all Är Froen zur Verfügung.

An deem Sënn wënschen ech lech vill Freed a Succès fir d'Schouljoer 2023 – 2024 a bleift mat Äre Léifsten weiderhi gesond a monter.

lelele





Chers parents,
chers concitoyens,
chers enfants,

Rétrospectivement, nous pouvons tous nous réjouir d'une année scolaire 2022 – 2023 réussie, passionnante et éprouvante, au cours de laquelle nous avons pu, une fois de plus, vivre ensemble de nombreux moments agréables.

Le 5 mai nous avons officiellement mis en service le nouveau parking, l'aire de jeux, l'airtramp ainsi que le hall sportif nouvellement aménagé. À ces différents endroits les enfants ont donné une série de représentations, des poèmes, des sketches, des chansons, des choréographies, des danses, ... bref, c'était vraiment sympa et **tout le monde avait l'impression que nous étions une grande communauté scolaire, fonctionnant comme une vraie grande famille.**

Il est vrai que le nombre d'enfants est en forte augmentation, 337 enfants sont attendus à la rentrée, soit trois fois plus qu'il y a vingt ans.

Je pense que le plus grand défi consiste à essayer de conserver le caractère familial de notre école, tout en nous organisant pour faire face à un effectif de 40 élèves par année. Nous devons penser différemment, malheureusement réglementer et structurer davantage, mais aussi mettre en place une organisation professionnelle et solide qui doit mettre le bien-être de l'enfant au premier plan. **Ici, nous devons, avec tous les partenaires de l'école (Maison Relais, syndicat scolaire, association des parents),**

placer le bien-être de l'enfant en première position, sans aucune réserve, pour pouvoir ensuite répondre aux exigences des différents partenaires. Cette année encore, nous sommes limités dans la mise en place de l'organisation scolaire par nos heures du contingent, ainsi nos **effectifs de classe au cycle 1 sont assez élevés. Notre travail en équipe (team) aux cycles 2-4 atteint également ses limites avec plus de 40 élèves par groupe team équipe.** Comme d'habitude, nous avons réparti les heures disponibles de manière aussi équitable que possible, mais j'en appelle encore une fois à la politique nationale pour qu'elle repense le système du contingent et tienne compte des conditions et des besoins locaux.

Ces derniers mois, nous avons pu mettre en œuvre toute une série d'actions de notre plan de développement scolaire (PDS). Ainsi, le projet FUDO a été mis en œuvre et développé dans tous les cycles avec des activités et des actions très concrètes.

Grâce à un groupe de travail très engagé, notre jardin scolaire est en partie opérationnel et nous avons pu remplir et planter nos parterres surélevés. En automne, les plates-bandes et l'abri seront terminés, d'autres haies et arbres seront plantés, de sorte que tous les élèves de tous les cycles puissent ensuite profiter de ce projet pédagogique précieux.

Un groupe du cycle 4.1 a participé pour la première fois au « First Lego League », un concours robotique où ils ont atteint la sensationnelle 4^e place. Un grand compliment à nos jeunes informaticiens, mais aussi à Christian Weis pour son engagement sans faille dans ce domaine.

Le troisième objectif du développement scolaire vise **un échange plus intensif entre les cycles.** Ici, nous avons commencé par une formation sur les contenus et nous continuons avec les méthodes pour l'année scolaire à venir.

Au total, cinq classes ont atteint la finale nationale du concours en mathématiques « Maach mat(h) », je tiens à féliciter les élèves et leurs enseignants.

Comme d'habitude, nous avons été impliqués de manière active dans les décisions du Synecosport tout au long de l'année scolaire. Les responsables ont toujours été à l'écoute de toutes les demandes de l'école. Je tiens à les remercier pour cela, et **je remercie tout particulièrement, le président Monsieur Jempi Hoffmann, pour son travail exceptionnel dans l'intérêt de l'école et des élèves. Je tiens également à féliciter tous les membres du Bureau et du Comité du Synecosport pour leur engagement au cours des six dernières années, et tout particulièrement M. Kohn, qui a dirigé le syndicat pendant les trois premières années avec beaucoup de clairvoyance et de compréhension pour l'école.**


Nous nous réjouissons d'ores et déjà d'une collaboration fructueuse et constructive avec le nouveau Bureau et le nouveau Comité du Synecosport dès la rentrée scolaire.

Nous remercions également Mme Janine Feltes, chargée de direction de la Maison Relais, et tout le personnel de notre structure d'accueil. Nous avons coopéré de manière très intensive ces derniers mois. **Un grand merci également à nos six nouveaux représentants de parents d'élèves** pour leur grande et bonne collaboration dans tous les projets qui, en plus de leurs activités traditionnelles, ont permis d'améliorer la qualité de vie scolaire des enfants.

Au nom de tout le personnel enseignant, je voudrais adresser un dernier remerciement à toute l'équipe de la direction de l'école, qui a une fois de plus fourni un travail professionnel tout au long de l'année scolaire.

Pour finir, j'aimerais vous informer, chers parents, que si vous avez des questions ou des suggestions, vous devez d'abord vous adresser à l'équipe pédagogique de votre enfant, puis à la coordination du cycle ou au comité d'école avec son président. Nous sommes toujours à l'écoute de vos préoccupations, formés pour un travail professionnel avec les parents et toujours disponibles pour répondre à vos questions.

Dans cet esprit, je vous souhaite beaucoup de joie et de succès pour l'année scolaire 2023 – 2024, restez en bonne santé avec vos proches.





Eise Réckbléck 2022 – 2023,

Dëst Joer kënnen mir soen "de Covid ass eriwuer", mee leider kënnen mir dat vum Krich an der Ukrain nach net.

Eise CAG (Concept d'action générale) soll all 3 Joer iwwerschafft ginn. Dëst Joer war et nees esou wäit. Mir hunn déi 7 Felder vum Non-formalen Bildungsrahmenplan ënnert d'Lupp geholl an un d'Realitéit vun eiser Crèche a vun eiser Maison Relais ugepasst.

Erauspicke wëlle mir och dëst Joer e puer Aktivitéiten am Kader :

- vun der Semaine des Droits de l'Enfant am November 2022,
- vun der Semaine Nationale de l'Enfance a
- vun der Semaine Nationale de la Bienveillance am Mee 2023.

No 3 Joer hu mir nees am November 2022 eng Chrëschtfeier organiséiert. E grouse Merci geet un d'Kanner an un dat edukatiivt Fachpersonal. Mat vill Asaz gouf d'Theaterstéck geprouft, Kostümer gebitzt, Dekoratioune gebastelt.

Eng Première war eisen Ouschterlaaf fir d'Kanner an d'Elteren aus der Crèche.

Eist Summerfest am Juni hat no 4 Joer och ganz vill Succès.

Villmools Merci un lech all, déi eis esou ënnerstëtzen. Dat ass fir eis Aarbecht eng grouss Unerkennung!

De Schoulgaart fänkt lues a lues u Friichten ze droen. Hand an Hand schaffe mir mam Léierpersonal zesummen.



Janine FELTES
Chargée de Direction


En Deel vum Schoulpersonal a vun eisem Personal hunn d'Formatioun Airtramp zesumme gemaach. Den Airtramp, eng nei Acquisitioun, gëtt ganz regelméisseg genotzt a fënnt groussen Aklang bäi de Kanner.

Nodeems d'Maison Relais am August 2021 iwwerschwemmt gouf vum ville Reen, krute mir an der Ouschtervakanz eis lesssäll frësch ugestrach a mir kréien nei Foussläischten.

An der Crèche goufen d'Biedem frësch ofgeschlaff. Et huet sech net méi rentéiert d'Spullmaschinn an der Crèche ze flécken, dofir krute mer eng nei.

D'Ausbauaarbechten an der Maison Relais verréckelen sech ëm e Joer.

Merci dem Synecosport, mat un der Spëtzt hiren 2 Buergermeeschteren, den Häre Jempi Hoffmann a Camille Kohn.



E spezielle Merci geet un den Här Camille Kohn. Während ville Joren huet hien eist Uleies ëmmer ganz eeschst geholl an erkannt, datt d'Kanner déi bescht méiglechst Betreuungsstrukture sollte kréien.

Merci dem Här Gilles Irthum, Schoulpresident, an dem Schoulpersonal. Merci der Schoulkommissioun an der ELVERE. Mir setzen alles drun, datt mir nees den Austausch vu viru Corona errechen.

E décke Merci un eise Service Technique hei op der Site ënner Leedung vum Steve Lahr. De Steve an de Jérôme setzen sech all Dag onermiddlech fir eis an, dofir datt aus eise "klenge Problemer" keng grouss Katastrophe ginn!

Last but not least, Merci eisem Personal, wat all Dag vill Engagement weist fir eis Kanner non-formal ze bilden!



Notre bilan pour l'année scolaire 2022 – 2023

Cette année, nous pouvons dire « Covid est terminé », mais malheureusement, nous ne pouvons pas encore en dire autant de la guerre en Ukraine.

En 2023 nous avons révisé notre CAG (Concept d'action générale), une tâche que nous devons réaliser tous les 3 ans. Nous avons analysé les 7 champs du plan cadre d'éducation non formelle pour les adapter au fonctionnement de notre Crèche et de notre Maison Relais.

Cette année nous souhaitons également mentionner quelques activités organisées dans le cadre de:

- la Semaine des Droits de l'Enfant en novembre 2022,
- la Semaine Nationale de l'Enfance et
- la Semaine Nationale de la Bienveillance en mai 2023.

Après 3 ans de pause dû au Covid, nous avons de nouveau organisé une fête de Noël en novembre 2022. Un grand merci aux enfants et au personnel éducatif ! La pièce de théâtre a été répétée, les costumes ont été cousus, les décorations ont été faites avec beaucoup d'engagement.

Une première a été notre course de Pâques pour les enfants de la Crèche et leurs parents.

Notre fête d'été en juin a également connu un grand succès après 4 ans.

Un grand merci à vous tous pour votre soutien, une importante reconnaissance pour notre travail.

Le jardin de l'école commence doucement à porter ses fruits. Nous travaillons main dans la main avec l'équipe pédagogique.

Une partie du personnel de l'école et notre personnel ont suivi ensemble la formation Airtramp. L'Airtramp, une nouvelle acquisition, est utilisé très régulièrement et est très apprécié des enfants.

Après l'inondation de la Maison Relais en août 2021, nos salles à manger ont été repeints pendant les vacances de Pâques et nous avons reçu de nouveaux marchepieds.

Dans la Crèche, les sols ont été poncés. Il n'était plus rentable de réparer le lave-vaisselle dans la Crèche, par conséquent nous avons acheté un nouveau.

Les travaux d'agrandissement de la Maison Relais sont retardés d'un an.

Merci au Synecosport, avec ses 2 maires, MM. Jempi Hoßmann et Camille Kohn.

Un merci spécial à M. Camille Kohn qui a pendant de nombreuses années toujours pris nos doléances très au sérieux et a reconnu que les enfants devraient bénéficier des meilleures structures de soins possibles.

Merci à M. Gilles Irthum, président de l'école, et au personnel de l'école. Merci au comité d'école et à ELVERE. Nous faisons tout notre possible pour retrouver l'échange d'avant Corona.

Un grand merci à notre service technique ici sur place, sous la direction de Steve Lahr. Steve et Jérôme s'investissent sans relâche pour que nos petits problèmes ne se transforment pas en grandes catastrophes !

Enfin, merci à notre personnel qui s'investit chaque jour pour l'éducation non formelle de nos enfants.

Léif Kanner,
léif Elteren,
léift Léierpersonal,
léif Alleguerten

fir d'aller éischt ass et eis eng grouss Freed lech all ze gratuléiere fir e gelongent Schouljoer 2022 – 2023.

Dëst Schouljoer war voller Héichpunkten an Errongenschaften. Jidderee vun Iech huet sech mat groussem Äifer a Begeeschterung an den Unterrecht, a Projeten an un ausserschouleschen Aktivitéiten abruecht. Är Motivatioun an Ären Asaz hunn dozou bäigedroen, datt d'Schoul zu enger Plaz vum Léieren, vu Kreativitéit a vum Matenee ginn ass.

Ech wëll virun allem eis Kanner luewen. Dir hutt iech net nëmme schoulesch weiderentwéckelt, mee och är Perséinlechkeeten hunn u Charakter a Stärkt gewonnen. Äre Wëssensduuscht, äre Virwëtz an är Bereetschaft, nei Erausforderungen unzehuelen, si bewonnerenswäert. Dir hutt gewisen, datt dir an der Lag sidd, Hindernisser ze iwwerwannen an är Ziler ze areechen.

Dir sidd d'Zukunft an ech si stolz drop, iech op ärem Bildungswee ze begleeden.

E grouse Merci gëllt och den Elteren, déi hir Kanner ënnerstëtzt an encouragéiert hunn. Dir hutt hinnen en zolidd Fundament ginn, op deem si hir Talenter entfale konnten. Wéinst Ärer Ënnerstëtzung doheem, Ärer Presenz bei de Schoulveranstaltungen an Är oppe Kommunikatioun hutt Dir gewisen, wéi wichteg d'Zesummenaarbecht tëscht Elteren a Schoul ass. Dës Partnerschaft ass de Schlëssel zum Erfolleg vun eise Kanner.

E grouse Merci gëllt och all eisen engagéierte Léierpersounen. Dir sidd déi wahrhafteg Helden am Klassenzëmmer, déi Dag fir Dag mat Leidenschaft an Higab ënnerriichten. Dir hutt net just Wësse vermëttelt, mee och Vertrauen opgebaut, Talenter gefërdert an d'Kanner ermutegt, hir Ziler ze verfolgegen. Ären Asaz ass vun onschätzbarem Wäert a prägt nohalteg d'Liewe vun eise Kanner.


Fir dat kommend Schouljoer wëll ech Iech all vill Erfolleg wënschen. Léiert weiderhi mat Begeeschterung an Entschlossenheet fir Är Dreem ze areechen. Notzt d'Méiglechkeeten, déi Iech gebuede ginn, fir Är Fäegkeeten ze entfalten an Är Dreem ze verwierklechen.

Ech si mer sécher, datt mat der geplangte Methodevillfalt d'Qualitéit vum Unterrecht sech verbessert an är Ziler sou areecht kënne ginn.



Joa BAUM
Direkter vun der Grondschoul
Direktioun 10

Op ee spannend a léierräicht Schouljoer 2023 – 2024!



Infrastructures


- 01. Maison Relais
- 02. Hall Sportif
- 03. Précoce / École C1 - C2
- 04. École C3 - C4
- 05. Centre Beaufort


Parking & Quais

- 06. Parking pour personnes à mobilité réduite
- 07. Parking Maison Relais
- 08. Parking Public
- 09. Quais de bus
- 10. Parking pour les enseignants

Zones

- 11. Kiss & Go
- 12. Zone réservée pompiers
- 13. Zone réservée aux élèves/enseignants
- 14. Passage sécurisé





Elterevertrieder

Représentants des parents

Folgend Persoune si fir dräi Joer gewielt ginn (v.l.n.r):

Les personnes suivantes ont été élues pour une période de trois années (d.g. à d.) :



Stéphanie RODRIGUES, Myriam OTH, Alain CRAIGHERO, Gaston GENGLER , Anja BICHELER

D'Elterevertrieder hu folgend Aufgaben an Aktivitéiten:

- D'Elterevertrieder stinn allen Elteren, déi eng Ufro maachen, mat Rot an Ennerstëtzung zur Säit.
- Si setze sech a fir d'Zesummeliwien an d'Sécherheet vun alle Kanner aus der Grondschoul nach besser ze gestalten.
- D'Elterevertrieder schaffe mam Schoulkomitee zesammen a ginn hier Meenung zum Schoulentwécklungsplang, zur Schoulorganisatioun an zu anere schoulesche Froen of.

Véier Membere vun den Elterevertrieder sinn och an der Schoulkommissioun vum Synecosport vertrueden.

Les représentants des parents d'élèves ont pour objet et missions :

- Les représentants des parents d'élèves écoutent et renseignent tous les parents qui en font la demande.
- Ils s'engagent pour améliorer d'avantage la vie scolaire et la sécurité de tous les enfants de l'école fondamentale.
- Les représentants des parents s'échangent avec le comité d'école et donnent leur avis sur le plan de développement scolaire, sur l'organisation scolaire ainsi que sur d'autres questions scolaires.

Quatre représentants des parents d'élèves sont également membres dans la commission scolaire du Synecosport.



D'ELVERE – ELTEREVEREENEGUNG "RÉNERT" BECH/MANTERNACH

L'ELVERE – Association des parents d'élèves « Réneret » Bech/Manternach



De Comité 2022 – 2023 setzt sech zesammen aus (u.l.n.r):

Le comité 2022 – 2023 de compose de (d.g.à d.):



Sandra SCHU (présidente), Stephanie RODRIGUES, Alain CRAIGHERO, Eric BUTTINI (secrétaire), Anne TOCKERT-MARMANN (trésorière), Gaston GENGLER (magasinier), Isabelle WIRTZ (vice-présidente), Myriam BARTHEL-ROSSI, Fanny CHEVREMONTE, Stephanie EICH, Andy STEFFEN, Michelle MATHIAS

D'Elterevereenegung huet folgend Aufgaben an Aktivitéiten:

- Verriedung vu Bildungs- a Familieninteresse vun den Elteren a Schüler am Enseignement Fondamental vun de Gemenge Bech a Manternach, an Iwwerteneestëmmung mat de gültige Bildungsgesetze a Veruerdnungen an eisem Land.
- De kontinuierlechen Dialog tëscht Elteren op der enger Säit an Enseignanten, Schüler a Schoulautoritéiten déi aner Säit.
- De Schoulautoritéiten d'Virschléi vun den Elteren a punkto Schoulverwaltung a Schoulorganisatioun iwwerdroen.
- De Kontakt an de Meenungsaustausch tëscht Elteren an Enseignantë fërderen.
- D'Froestellungen a punkto Ausbildung vun de Schüler, Rechter a Flichte vun der Famill ënnersichen.

D'Joresgewënner vum Veräin duerch seng Aktivitéiten a Memberscotisatioune fléissen an d'Schoulorganisatioun duerch de Kaf vun Informatiksmaterial, didakteschem Material oder duerch de Finanzement vun didakteschen Aktivitéiten fir Schoulkanner.

L'association des parents d'élèves a pour objet et missions :

- De représenter les intérêts éducatifs et familiaux des parents et des élèves de l'enseignement fondamental des communes de Bech et de Manternach, dans le respect des lois et des règlements régissant l'enseignement de notre pays.
- De favoriser le dialogue permanent entre les parents d'une part, le personnel enseignant, les élèves et les autorités scolaires d'autre part.
- De transmettre aux autorités scolaires les suggestions des parents d'élèves en matière d'administration et d'organisation.
- D'encourager les contacts et les échanges de vue entre parents et enseignants.
- D'étudier les questions se rattachant à l'éducation des élèves et aux droits et devoirs de la famille en cette matière.

Les bénéfices annuels de l'association découlant de ses activités et des cotisations annuelles sont utilisés pour soutenir l'école, notamment sous forme d'achat de matériel didactique, informatique ou de financement d'activités didactiques pour les élèves.

Mat de Gewënner vun de leschte Jore konnte mir 2023 eng nei interaktiv Tafel fir d'Schoul finanzéieren am Wäert vu bal 8.000 €.

Am Schouljoer 2022 – 2023 ware mir ganz aktiv an hunn esouvill Aktivitéite wéi nach ni organiséiert oder co-organiséiert:

15.09.22

Empfang um éischte Schouldag mat Mëtsche fir all Kanner aus de Schoul an eng Schmierekëscht fir d'Kanner vum Cycle 1.

22.11.22

Kanner Second-Hand Maart a Bicher Maart am Centre Beaufort.

03.12.22

Besuch vum Kleeschen am Centre Beaufort (Co-Org.: Gemeng Manternach, ELVERE, Syndicat d'Initiative Berbourg).

06.04.23

Babysittercours ënnert der Leedung vun der Erziigungs- a Familljeberodung asbl. 16 Participante kruten eng offiziell Bescheinigung als Babysitter.

09.05.23

Kanner a Famillje-Rallye am Berbuenger Bësch. (Co-Org.: ELVERE, Syndicat d'Initiative Berbourg)

07.07.23

Ofschloss-, Schoul- a Grillfest mat risegem Sprangschlass, glitzer Tattoos, lessen a Gedrénks, Cocktailbar, etc.

09.2022 – 07.2023

3 Trimestere Schwammkursen an der Schwemm zu Biver mat 4 Course pro Woch. 70 Participanten iwwer d'ganz Joer. (Co-Org.: Schwimmschule "Delphin" Trier, ELVERE)

D'Aufgaben an Aktivitéite vun der ELVERE fannt Dir op eisem Site www.elvere.lu

Grâce aux bénéfices des années précédentes, nous avons financées pour l'école en 2023 un nouveau tableau interactif pour une valeur de près de 8.000 €.

Au cours de l'année scolaire 2022 – 2023, nous avons été très actifs et avons organisé ou co-organisé plus d'activités que jamais :

15.09.22

Accueil au premier jour d'école avec une viennoiserie pour chaque élève et une boîte à sandwich pour les enfants du cycle 1

22.11.22

« Marché second-hand et marché aux livres » au Centre Beaufort.

03.12.22

Visite du St. Nicolas au Centre Beaufort (Co-Org. : Commune de Manternach, ELVERE, Syndicat d'Initiative Berbourg).

06.04.23

Cours de babysitting sous la responsabilité de l'AFP-solidarité-famille. 16 participants ont reçu leur brevet de babysitting

09.05.23

Rallye familial dans le bois de Berbourg (Co-Org. : ELVERE, Syndicat d'Initiative Berbourg)

07.07.23

Fête de clôture de l'année scolaire avec château gonflable géant, Tattoos scintillants, stands de grillades et boissons, bar à cocktails, etc.

09.2022 – 07.2023

3 trimestres de cours de natation avec 4 cours par semaine à la piscine de Biver. 70 participants au cours de l'année. (Co-org. : école de natation « Delphin » de Trèves ; ELVERE)

L'objet et les missions de l'ELVERE se trouvent sur le site www.elvere.lu



Nëtzlech Telefonsnummern

Numéros utiles

Synecosport	École fondamentale	Direction Régionale
<p>Martine KRIER - TURPEL Secrétaire</p>	<p>Gilles IRTHUM Président du comité d'école</p>	<p>Joa BAUM Directeur de région Grevenmacher (DR 10)</p>
<p>1, Schoulstrooss L-6831 Berbourg</p>	<p>1, Schoulstrooss L-6831 Berbourg</p>	<p>Office Park 2 – Potaschberg 17, rue de Flaxweiler L-6776 Grevenmacher</p>
<p>T. 71 93 63 – 817 E. secretariat@synecosport.lu</p>	<p>T. 71 93 63 – 28 E. gilles.irthum@education.lu</p>	<p>T. 24 75 59 40 E. secretariat.grevenmacher@men.lu</p>
Maison Relais	Service Médico - Social	Intervenant Médical
<p>Janine FELTES Chargée de direction</p>	<p>Elisabeth ALLDIS Assistance sociale</p>	<p>Ariane MARX Infirmière</p>
<p>1, Schoulstrooss L-6831 Berbourg</p>	<p>Centre Médico - Social Grevenmacher 20, route du Vin L-6794 Grevenmacher</p>	<p>Centre Médico - Social Echternach 56, rue A, Duchscher L-6434 Echternach</p>
<p>T. 71 93 63 – 51 E. mr.renert@cjf.lu</p>	<p>T. 75 82 81 – 1 E. elisabeth.alldis@ligue.lu</p>	<p>T. 72 03 02 – 1</p>
Commission d'inclusion (CI)	Commune de Manternach	Commune de Bech
<p>Paule BAUM Secrétaire</p>	<p>Secrétariat</p>	<p>Secrétariat</p>
<p>Office Park 2 – Potaschberg 17, rue de Flaxweiler L-6776 Grevenmacher</p>	<p>3, Kirchewee L-6850 Manternach</p>	<p>1, Enneschtgaass L-6230 Bech</p>
<p>E. ci.grevenmacher@men.lu</p>	<p>T. 71 01 72 – 21 E. secretariat@manternach.lu</p>	<p>T. 79 01 68 – 20 E. secretariat@bech.lu</p>

Centre pour le développement moteur

Mir, Psychomotoriker an Ergotherapeuten aus der Sektioon 2 vum "Centre pour le développement moteur" (CDM), bekëmmere eis ëm Fréierkennung vu motoreschen Defiziter a sinn do fir d'motoresch Fäegkeete bei de Kanner aus dem Cycle 1.2 ze ënnerstëtzen.

D'motoresch Fäegkeete sinn eng wichteg Viraussetzung fir de schoulmotoreschen Erausfuorderungen gewuess ze sinn.

D'Kollaboratioun mat den Elteren an dem ganze Schoulpersonal ass och e wichtegen Deel vun eisem Handele fir dem Kand eng ënnerstëtzung ubidden ze kënnen. Nieft enger eventueller motorescher Fërderung gëtt dem Kand seng Perséinlechkeetsentwécklung positiv ënnerstëtzt. Dës ënnerstëtzung (Begleedung & Fërderung) baséiert sech op d'Stärkten an d'Interesse vum Kand.

Wéi gi mir vir?

- Info-Blat fir d'Elteren (Cycle 1.2) am Ufank vum Schouljoer.
- Observatiounen an der Schoul (Motoreschen Depistage bestoend aus 14 motoreschen Übungen).

Wat kucke mir?

- Grobmotorik (Gläichgewicht, verschidde Koordinatiounen, ...)
- Handmotorik (schneiden, molen, pechen, ...).

Am Fall wou d'Kand kéint vun eiser präventiver Aarbecht profitéieren:

- Austausch mat den Elteren a mam Schoulpersonal.
- Mam Accord vun den Elteren proposéiere mir eng präventiv Fërderung an der Motorik (individuell oder am Grup).

Käschten?

Dëse Service gëtt finanziert vum "Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse".

Nous, psychomotriciens et ergothérapeutes de la section 2 du Centre pour le développement moteur (CDM), sommes responsables du dépistage systématique des difficultés motrices et offrons un soutien moteur aux enfants du cycle 1.2.

Afin de relever les défis moteurs de l'école, il est important que les compétences motrices soient appropriées à l'âge développemental.

La coopération avec les parents et l'ensemble du personnel de l'école constitue également une part importante de nos activités de soutien à l'enfant. En plus du soutien moteur possible, le développement de la personnalité est également influencé positivement. Notre soutien est basé sur les forces et les intérêts des enfants.

Comment procéder ?

- Fiche d'information pour les parents (cycle 1.2) au début de l'année scolaire.
- Observations à l'école (dépistage consistant en 14 exercices moteurs).

Qu'observons-nous ?


- Motricité globale (équilibre, coordination générale, ...).
- Motricité fine (couper, colorier, coller, ...).

En cas de soutien préventif, les étapes suivantes sont proposées :

- Échange avec les parents et le personnel de l'école.
- Avec le consentement des parents, nous proposons un soutien moteur préventif (individuel ou en groupe).

Quels sont les coûts ?

Notre offre est financée par le « Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse » et elle est donc gratuite.





VOTRE ENFANT A DES DIFFICULTÉS SCOLAIRES ? FAITES APPEL AUX SUPER SENIOR !

SUPER SENIOR, C'EST QUOI ?

Un service d'accompagnement scolaire intergénérationnel, créé par le MEC asbl où des seniors bénévoles aident les enfants des écoles fondamentales à la réalisation de leurs devoirs à domicile.

SUPER SENIOR, ÇA FONCTIONNE COMMENT ?

Les parents, ou les enseignants s'adressent à au service Super Senior afin de demander de l'aide pour un enfant.

Suivent alors 2 étapes :

- Un premier rendez-vous entre les parents, l'enfant et l'association MEC asbl pour discuter des besoins de l'enfant.
- Un deuxième rendez-vous entre les parents, l'enfant, l'association MEC asbl et le senior pour une première prise de contact et l'organisation concrète de l'accompagnement scolaire.

SUPER SENIOR, ÇA COÛTE COMBIEN ?

- L'Accompagnement scolaire est proposé sous la forme de séries de 10 séances.
- Une séance coûte 10 euros pour un tarif normal et 5 euros pour le tarif réduit (personnes bénéficiant d'une aide sociale).



SUPER SENIOR, QUI CONTACTER ?

- Le MEC asbl par email à info@mecasbl.lu, ou par téléphone au 26.72.00.35.
- Merci de préciser votre nom, prénom, le cycle d'études dans lequel se trouve votre enfant, la difficulté rencontrée, votre adresse et un numéro de téléphone.



MEC asbl
l'égalité des chances



ON REMARQUE QUE LE TRAVAIL QUE VOUS FAITES AVEC ERNEST PORTE SES FRUITS.

Ernestement Sciences

NOUS AVONS FORTEMENT APPRÉCIÉ L'AIDE DE FRANÇOISE EN FAVEUR DE MARCO QUI FUT TRÈS PRÉCIEUSE POUR SON DÉVELOPPEMENT PERSONNEL ET SES COMPÉTENCES.

Lin, Institut

Sous le Haut Patronage du :



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Éducation
et de la Grande Région



Info betreffend de Gebrauch vun Handy & Smartwatch

*Informations concernant l'utilisation
du portable et de la smartwatch*



Léif Elteren,

- X** Den Handy an d'Smartwatch bleiwen doheem oder komplett ausgeschalt am Schoulsak.
- X** Bild- an Tounopnamen si während der Schoulzäit a während dem Schoultransport strikt verbueden.

Villmools Merci fir Äert Versteesdemech an Är Mataarbecht.
D'Léierpersonal aus der Grondschoul Renert Berbuerg

Chers parents,

- X** *Le portable et la smartwatch doivent rester à la maison ou être complètement éteints dans le cartable.*
- X** *Les enregistrements audio et visuels sont strictement interdits pendant les heures de cours et pendant le transport scolaire.*

*Merci pour votre compréhension et votre collaboration.
Le personnel enseignant de l'École fondamentale Renert Berbourg*





Eis aktuell Campagne (2022 – 2023) iwwert den Haass am Internet, geet sou lues op en Enn. D'Messages dohannert sinn a bleiwen awer wichtig:


- Jo zu denger Meenung. Nee zum Haass!
- Weis Respekt – och an de soziale Medien!
- Diskriminatioun huet och am Internet keng Plaz!
- Kuck net ewech a géff aktiv – och am Internet!

www.nohateonline.lu

Zil vu BEE SECURE ass et e méi sécheren a positiven Ëmgang mam Internet ze promovéieren.

Bildschirmzäit an der Famill

Dës Campagne ass 2020 zesumme mam Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ausgeschafft ginn. Zil ass et, d'Elteren derzou ze ermonteren, en A op d'Bildschirmzäit vun hire Kanner ze halen. De passende Guide zu dësem Thema fannt Dir op eiser Websäit a kann iwwert eise Kontaktformular gratis bestallt ginn.



EIN ORT
FÜR ALLE ELTERN

UN LIEU
POUR TOUS
LES PARENTS

A PLACE
FOR ALL PARENTS

Im Eltereforum kann ich:

- andere Mütter und Väter begegnen und mich austauschen
- zusammen mit meinen Kindern an Aktivitäten teilnehmen
- mich informieren und an Kursen teilnehmen
- an Konferenzen und Vorträgen teilnehmen
- mich beraten und begleiten lassen
- in meiner Elternschaft unterstützt und gestärkt werden

Ab der Schwangerschaft bis zum 18. Lebensjahr des Kindes.

Weitere Informationen zu wo Sie uns finden können:
Plus d'informations et où nous trouver:
More information and where to find us:
eltereforum@mon.lu



eltereforum.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enfance et de la Famille

ENG PLAZ
FIR ALL ELTEREN



 eltereforum.lu

 Eltere Forum



Am Eltereforum kann ech:

- aner Mammen a Pappé begéinen a mech austauschen
- zesumme mat menger Kanner un Aktivitéiten deelhuelen
- mech informéieren an u Cours'en deelhuelen
- u Konferenzen a Virtrüg deelhuelen
- mech begleeden a berode loossen
- a menger Eltereschaf ënnerstëtzt a gestärkt ginn

Vun der Schwangerschaft bis zu den 18 Joer vum Kand.



At the Eltereforum I can:

- meet other mums and dads and share ideas and experiences
- participate in activities together with my children
- get information and participate in courses
- take part in conferences and lectures
- get advice and guidance
- get support and be empowered in my parenthood

From pregnancy until the child turns 18 years old.

Dans un Eltereforum, je peux:

- rencontrer d'autres mères et pères pour partager des idées et expériences
- participer à des activités ensemble avec mes enfants
- m'informer et participer à des cours
- me faire conseiller et accompagner
- participer à des conférences et séminaires
- être soutenu et renforcé dans ma parentalité

De la grossesse jusqu'aux 18 ans de l'enfant.



Austausch
Austausch
Interaction



Information
Information
Information



Begleitung
Begleitung
Accompagnement
Support



SERVICE „KRANK KANNER DOHEEM“

Gardes d'enfants malades a domicile

Objektive:

Der „Service Krank Kanner“ bietet eine individuelle Betreuung von kranken Kindern zu Hause an. Diese Dienstleistung ermöglicht es den Eltern ihre berufliche Aktivität weiter zu führen, während die Kinder in ihrer gewohnten Umgebung genesen können. Anfragen von Alleinerziehenden werden vorrangig behandelt.

Tarife:

Das monatliche steuerbare Einkommen des Haushaltes gilt als Berechnungsgrundlage für die Unkostenbeteiligung der Kinderbetreuung. Bei Alleinerziehenden wird eine, von der Gemeinde auszustellende, erweiterte Wohnsitzbescheinigung benötigt.

Die Unkosten für Parking und Fahrzeit der Betreuerin werden zusätzlich in Rechnung gestellt mit:

½ Stunde Fahrtkosten für die Stadt Luxemburg

1 Stunde Fahrtkosten für alle anderen Gemeinden des Großherzogtums

Betreuungen:

Die Betreuungen finden von Montag bis Freitag zwischen 07:00 und 19:00 Uhr statt. Die Betreuungszeit pro Tag darf 9 Stunden nicht überschreiten. Ab dem zweiten Betreuungstag ist ein ärztliches Attest erforderlich. Alle Mitarbeiterinnen vom „Service Krank Kanner Doheem“ haben eine Ausbildung im sozio-familiären Bereich und nehmen regelmäßig an internen Weiterbildungskursen teil.

Für zusätzliche Informationen:

T. 48 07 79

Montag - Donnerstag: 07:00 bis 12:00

14:00 bis 18:00

Freitag: 07:00 bis 12:00

Anrufbeantworter: 18:00 bis 07:00 am nachfolgenden Tag

An Wochenenden und Feiertagen ist der Dienst geschlossen. (Anrufbeantworter).

Um die Organisation der Betreuungen zu vereinfachen, füllen Sie bitte das Anmeldeformular im Voraus aus, den Sie auf der Website finden:

www.skkd.lu/inscription

Die Anfrage einer Betreuung erfolgt telefonisch.

Frédérique KOEDINGER

Verantwortliche der Dienststelle

Service Krank Kanner Doheem

L'objectif:

